1-2020-0-71-6505-01 (n°3538)

Depot : Fernand Kartheiser

ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Lëtzebuerg, den 20. Mee 2021

RESOLUTIOUN

D'Chamber vun den Deputéierten

stellt fest,

- datt d'Aarbechten an der Institutiounen- a Verfassungsrevisiounskommissioun vun der Chamber un den neie Verfassungstexter séier virukommen;
- datt et sech bei enger Verfassungsrevisioun em déi wichtegst legislativ Ännerung an engem Rechtsstaat iwwerhaapt handelt;
- datt Verfassungsännerungen naturgeméiss fundamental Auswierkungen op de Fonctionnement vum Staat an d'Entwécklung vun der Gesellschaft hunn;

erënnert

- un dat Versprieche fir déi nei Verfassungstexter enger breeder ëffentlecher Debatt ze ënnerzéien;

decidéiert

- vum Hierscht 2021 un eng breet Informatiounscampagne am Land ze organiséieren an där all proposéiert Ännerungen un där aktueller Verfassung solle presentéiert ginn;
- datt déi Informatiounscampagne ënner Anerem soll bestoen aus:
  - enger Serie vun Informatiouns- an Diskussiounsowender,
  - ëffentlechen Debatten zu eenzelen Artikelen zu deenen all interesséiert Organisatiounen invitéiert ginn an an deene si op eng gläichberechtegt Manéier hir Propositiounen a Positioune kënnen duerstellen,
  - Debatten op Chamber TV an deene muss kontrovers kënnen diskutéiert ginn, dat heescht datt ëmmer Leit mat verschiddene Standpunkter invitéiert ginn.
- datt dës Campagne muss esou organiséiert ginn, datt déi proposéiert Ännerungen op eng neutral an objektiv Manéier duergestallt ginn an datt zu all Punkt eng kontrovers Diskussioun erméiglecht gëtt fir et de Leit ze erlaben sech op enger gudder Informatiounsgrondlag eng eege Meenung zu all Punkt ze bilden.

F. Kartheiser